CÉRÉMONIE D'OUVERTURE 2013

TÉMOIGNAGE DE TILLY

Gudden Owend,

Ech sinn d'Tilly, an ech si mat menger Équipe vun Ufank u beim ‚Relais pour la Vie' derbäi.
Wéi ech 2011 am Mäerz hei war, dunn hunn ech nach net gewosst, datt ech 6 Wochen duerno meng Diagnos vum Broschtkriibs giff kréien, an datt ech 2012 mat enger Parréck giff beim Relais matgoen.

Et koum wéi en Hummer!

Ech war ni krank an ech hu mech an Topform gespuert. A vun engem Dag op deen anere war alles anescht. Ech hu geduecht: Firwat DAT elo? Ech wollt näischt esou wat a mengem Kierper wiisst.

Mee gläichzäiteg koum och d'Angscht. Eng Zort Angscht, déi ech net kannt hunn.

Ech hunn iwwert de Kriibs geschwat. Mat mengem Mann, menge Kanner, Famill, Frëndinnen, Frënn an Noperen.

Wann ee säi Feind mam Numm nennt, dann huet een e bëssi manner Angscht.

Ech hu probéiert mech mat menger Chemotherapie unzefrënnen. Ech hu mer gesot: Dat ass e Kolleg, deen huet ganz vill kleng Aarbechter an dengem Kierper, déi maachen all déi béis Zelle futti, si maachen de Feind dout!!

- An ech hunn et gepackt -

Eng grouss Stäip wär et gewiescht e Patron ze hunn, dee mech mat Versteesdemech ënnerstëtzt hätt.

Mat der Angscht, dat de Kriibs erëmkennt, muss ee léieren ze liewen. Et muss ee MAT der Angscht liewen, an net D'ANGSCHT liewen.

Jidderee ka betraff ginn. Scho moar. Et kënnt, wann een net drun denkt.

An elo stinn ech hei, um ‚Relais pour la Vie' 2013 - ouni Parréck -meng Hoer wuessen - an ech hunn e Message:

Hëllefsbereetschaft

Kommunikatioun

Versteesdemech

a Solidaritéit,

dat si Medikamenter déi näischt kaschten awer GANZ vill kënnen hëllefen.

Merci datt där mär nogelauschtert hutt.